

## Weltmeeschterschaft fir Natiounen zu Aragon a Spuenien

Bericht vum Sekretär Fernand Schmitt vum 06.09.2023 (4. Dag)

---

Schéinen gudden Owend aus Spuenien.

Ech halen mech haut kuerz. Box 8 am Secteur B. Vill Fësch, tëschent 7 an 13 kg. 1 Stonn bal all den Blénkert gefësch, duerno vereenzelt mat der Vip ob 6 Meter. Natierlech och déi normal Distanz ob 12 Meter. Wat soll ech soen. Fësch ouni Enn ob allen Distanzen.

Mir probéieren relativ vill, fänken och relativ gutt. Mir orientéieren eis och wéi ëmmer nëmmen un deenen groussen Natiounen. An do muss een einfach unerkennen, dass mir aleng duerch eis Méiglechkeeten an Konditiounen, déi mer bei eis doheem hunn, net kënnen alles an dëser kuerzer Zeit, eis nees un orientéieren.

Egal. Fësch haten mer all. Stéck Zuelen bis 300, do brauch een jo sech net ze bekloen.

Muer setzen mer dann am C14. Do erwaarden eis dann Déiften bis 10 Meter. Wei gesot, ech mellen mech och muer nees bei lech doheem fir lech um lafenden ze halen.



Schéinen Bonjour vun der ganzer Equipe. Muer dann mellen ech mech wei all Dag mat engem klengen Bericht.